PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Finanzen weiderzeleeden.**

Zënter Jore gëtt doriwwer diskutéiert, fir an der Rue de Linger op der Gemengegrenz tëschent Käerjeng a Péiteng ee gemeinsamen Zenter fir d'Police an den CGDIS entstoen ze loossen. A menge parlamentaresche Froen n°3404, 5328 a 6362 hat ech deemools schonn Informatiounen zu dësem Projet gefrot. An der Äntwert op meng Fro n°3404, waren zu deem Zäitpunkt nach keng Verhandlungen amgaangen, fir een neit Policekommissariat an d'Rue de Linger op der Grenz tëschent Péiteng a Käerjeng z'erriichten. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6362 (am Juni 2022) gouf geschriwwen, dass den Dossier vum Comité d'acquisition beim Finanzministère traitéiert gëtt a beim CGDIS vu sengem Verwaltungsrot.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hält de Minister weider dru fest, fir ee Policebüro an der Rue de Linger op der Gemengegrenz tëscht Käerjeng a Péiteng z'erriichten?

2. Ginn et Fortschrëtter an dësem Dossier? Falls jo, wou sinn d'Diskussiounen drun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten